# LES SACRIFIÉS

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



N° 10/11 - 1981

20e année

Prix : 15.- frs. lux.
Abonnement: 120.- frs

Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

# AVIS

**Am Gesetz vum 12. Juni 1981 woumat mir Enrôlés de Force déi moralesch Satisfactioun krit hun, fir déi mir zënter 1950 stéits a stänneg agetrueden sin, as eng Frist enthalen vu 6 Méint, während där et jidderengem sollt méiglech kënne sin fir eng Demande anzereechen fir Entschiedegung oder Noentschiedegung als Folleg vun der Zwangserekrutéirung.**

**Den Délai fir eng Demande ze maachen, leeft of den**

## 31. Dezember 1981


**Mir léën alle Komerodinnen, Komeroden an Elteren vun onse gefalene Komeroden, de Witfraen, resp. de Witmänner an de Kanner vun onse fréizäiteg verstuerwene Komerodinnen a Komeroden un d'Häerz, hir Demanden bis spédestens den 31. Dezember 1981 anzereechen, egal ob dat, wat als Entschiedegung dobäi erauskënnt, manner oder méi as.**

**Matgedeelt vum Fédérationscomité.**



### Si hate sech zu Jonglënster getraff

Fir sech nees eemol erëm ze gesin, a fir en Dag mateneen ze verbréngen, haten déi, zu Bad Kreuznach an engem Krichsgefaangenelager waren, sech Jonglënster ausgewielt. Zu Jonglënster gouwen si an hir Fraen vun dräi Comitésmemberen vun der Amicale vun den Edf empfaangen. Dat war Samschdes, den 3. Oktober 1981. Um 9 Auer 30 huet ee vun hinnen, de Komerod a Dechen Georges Gévigné eng Mass an der Kirch vu Jonglënster gehalen fir all liewend a verstuerwe Member vun den ale Kreuznacher hirer Amicale. Verschéinert gouf d'Mass vum Jonglënster Kiirchechouer ënner de Leedung vum Paul Nilles, een Tambower. Nodeem eng Gedenkfeier virun dem Monument aux morts gewiescht war, gouf d'Molkerei EKB zu Eschweiler besicht. Zu Goudber, am Café Mersch, huet d'Gemeng Jonglënster en Éirewäin offeréiert. Geschwat hun de Schäffen Gaston Beideler, de President vun der Amicale vun de «Kreuznacher», de Kom. René Johanns, an de Kom. J. Hames, President vun der Amicale des Edf vu Jonglënster. D'Mëttegiessen gouf ebenfalls am Café Mersch servéiert an huet dem Haus all Éier gemaach.




**Tirage 8000**

**Inhalt:**


Avis
Eis Missioun elo . . .
Entschiedegung vun den elsass-lothrëngeschen «Malgré-Nous».
Jahrestreffen unserer Tambower
Service Social
E Fändel fir d'Amicale vun de Jongen, déi no Rehfelde an den RAD verschleeft gi waren
Promenade surprise zu Esch/Uelzecht
Affaire Hubsch



**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, Association sans but lucratif**
Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth.- Boîte postale **2415 Luxembourg-Gare.**
**C.C.P. 31329-95**
**Banque Intern.: 5-217/4546**
Rédaction du bulletin mensuel «les Sacrifiés, Luxembourg, 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale **2415 - Luxembourg-Gare**
**Service social aux Enrôlés de Force,** 9, r. du Fort-Elisabeth, Luxembourg-Gare.
**Tél.: 48 32 32.**
**Fonds d'Action** ccp 21049-97


# Eis Missioun elo . . .

**Hei an do gët, onser Meenung no, vill ze dack nach ëmmer an zu Onrecht vun dem Zwangsrekrutéierteproblem» geschwat a geschriwwen. Nun as et dach awer esou, datt, wann e Problem eng Kéier geléist as, — an geléist sin den Enrôlés de force hir, — keng rieds méi ka sin vun engem Problem. A moins et géing een aus der Vergaangenheet schwätzen.**

**Et schéingt ons, as wéi wann et do en etlech Leit géif gin, deenen et leed doe géing, datt den Zwangsrekrutéierteproblem elo op eemol, an dat och nach définitiv, geléist as. Et ka sin, datt et dësem oder deem schwéier fällt, nët méi brauchen iwwert den Zwangsrekrutéierteproblem ze schwätzen oder ze schreiwen. An et kënnt ee bal méngen, et wir hinnen eppes geklaut gin, eng Saach mat där an der Vergaangenheet esou flott gespillt konnt gin.**

**Mä, jiddereen am Land soll a muss wëssen, datt dat elo eriwwer as. Keen aneren as do eriwwer méi frou as wéi mir Enrôlés de force. Mir soen all deene Leit e grousse Merci, ganz egal vu wat fir enger Couleur, déi matgehollef hun, datt 1. Léisungen fond a virugedriwwe gouwen, an datt 2. déi bekannten zwee Gesetzer an der Chamber gestëmmt si gin. Domat as endlech e Kapitel vun eiser Nationalgeschicht offgeschloss, jo gudd ofgeschloss och dann, wann et laang, vill ze laang gedauert hat.**

**Onsen Organisatiounen hir Missioun as elo, derfir ze suergen, datt déi zwee Gesetzer richteg an dem Buschtaf no ausgefouert gin, fir datt jiddereen zu sengem Recht kënnt an esou dervun profitéiert, wéi dat sech gehéiert. Doriwwer eraus, an dat as nëmmen eng Selbstverständlechkeet, fleege mer weider déi Komerodschaft, déi a schwéiren an a grujhlechen Zäiten mat esou vill Tréinen a Blutt zesummegeschwesst gouf a mir halen eisen Doudegen hiert Undenken an Éieren. Mir werden och weiderhin een deem aneren hëllefen an dat esou gutt wéi nëmmen denkbar méiglech.**


La Fédération représente:
**L'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembougeois,** c/o M. Paul Simonis, Luxembourg, 7, rue Adolphe · **la Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945,** Résidence Jean-Charles·5, rue du Cimetière, Luxbg-Bonnevoie· Tél.: 48 97 76 - ccp 28633-18 · **l'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 · **l'Association des Enrolés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare, ccp 31324-90 ·**Association des Survivants des Enrôlés de Force, a.s.b.l.**, Siège: Luxbg, 9, rue du Fort-Elisabeth. Son bureau fonctionne chaque 1er et 3e mercredi du mois entre 15 et 17 hrs. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reef, 3o, rue F. Seimetz, Luxembourg, tél.: 47 01 83

Imprimerie Hermann, S.à r.l. Luxbg.

**Et gehéiert awer och zu all EdF senger politescher Flicht, op d'mannst drun interesséiert ze sin, datt deen immense Schued, deen Nazi-Däitschland eisem Ländchen am léschte Weltkirch ugedoen huet, op eng valabel Art a Weis vum Nofolger vum III. Räich ersat gët. Et as jo schon eng traureg Affär, datt déi, déi de Schued haten an hun, an dësem Fall mir Lëtzebuerger alleguer, regelrcht streide mussen, fir op d'mannst e klëngen Deel vum erliddene Schued ersat ze kréien. A grad dat därf a kéngem Fall déi allëngeg Ugeleënheet vun den Enrôlés de Force sin, mä déi vu jidder Lëtzebuerger.**

**An der Tëschenzäit därft et esou lues all Mënsch am Land bekannt sin, datt weder deen eenzelne Lëtzebuerger nach eng Organisatioun, egal wéi kleng oder wéi grouss se as, e Recht huet mat den Däitschen iwwert Reparatiounen zu verhandelen. Dat gehéiert an den Domän vun der internationaler Politik. Deemno wir et un eiser lëtzebuergescher Regirung an um Parlament fir derfir ze suergen, datt den däitsche Noper seng Schold vis-à-vis vun onsem Land regléiert.**

**Dat sin d'Ursaach an de Grond virwat de Jean Gremling (PSI) an de Jos. Weirich (EdF) als Deputéiert elo rezent an der Chamber intervenéiert hun. An dat, wat mer elo jhust hei virdrun geschriwwen hun, huet, ënner anerem, zum Zweck, datt de President vun der LASP an Deputéierten, den Här Robert Krieps elo nodréiglech nët komme soll a behapten: „Gesi der, ech hat dach recht, wéi ech gesot hun, ech géif nët gleewen, datt heimat (geméngt as d'Gesetz vum 12. Juni 1981) d'Affär op en Enn as. Den Här Weirich an den Här Gremling liewe politesch vun där Affär a si fuere virun, ëmmer nei Fuerderungen ze bréngen". Géing deen Här äis op déi Tour kommen, wat mer nët unhuelen, da misste mer dem Land soen, hien wir géint eng Verbesserung vun eiser lëtzebuergescher finanzieller Laag, an domatt géint all Lëtzebuerger.**

**Hei dann elo d'Interventioun vun eisem Deputéierten Jos. Weirich an der Chamber an dat während der Debatt iwwert „déclaration du Ministre des Affaires étrangères et de la Coopération sur la politique étrangère du Gouvernement".**

«E leschte Punkt, Här President, un deem ech als Vertrieder vun den Enrôlés de Force besonnesch interesséiert sin, as deen iwwert d'Verhandlungen mat den Nofolger vum Däitsche Räich an dëst wat d'Réparatioune betrëfft, déi duerch d'Zwangsrekrutéirung vu Lëtzebuerger entstane sin. Zwar huet onsen Aussenminister dëse Punkt nët a sënger Deklaratioun ernimmt, dach schéingt et mir e wesentleche Punkt ze sin an onse bilaterale Relatiounen mam direkten Noper. Dass et och zur Aufgab vun onsem Aussenminister gehéiert, geet aus engem Communiqué iwwert der Madame Flesch hirem Besuch an der DDR ervir. Heiranner heescht et, dass onse Représentant mat den DDR'Autoritéiten iwwert den Zwangsrekrutéierteproblem geschwat hätt. Ech war séier frou dëst ze héieren a sin dankbar, dass dës ëmmerhin séier wichteg Fro fir onst Land bei dëser Geleënheet nët vergiess gouf. Wat allerdéngs bei dëse Verhandlungen erauskomm as oder wat envisagéiert oder festgehale gouf, as esouwäit ech weess, nët bekannt gemaach gin. Ech wir also frou, wann d'Madame Flesch ons wéinegstens e bëssen iwwert dës Gespréicher kënnt informéieren.

Am selwechten Zesummenhang mengen ech, wir et och ubruecht d'Chamber ze informéieren iwwert de Fortschrëtt vun de Gespréicher mat der Bundesrepublik. Esou vill wéi mir wëssen, hun déi zwee Beoptragten, den Här Möller op der däitshcer Säit an den Här Charles Reiffers als onse Vertrieder, hiir Gespréicher ofgeschloss an hire Rapport dene jeweilege Regirungschef en zoukommen gelooss. Wann ech richteg informéiert sin, huet den Här Reiffers et fäerdeg bruecht, ons Situatioun ganz kloer ze développéieren an an enger äusserst gënschteger Positioun fir onst Land ze ënnerbreden. Et misst also de Moment do sin, dass och fir Lëtzebuerg sech eng valabel an avantagéis Léisung géing ofzeechnen, zumools mir an de leschte Wochen a verschidde Pressematdelungen konnte liesen, dass den Accord tëschent der BRD a Frankräich a sënger Réalisatioun wir. Esou huet den Här Jean Laurain, Ministre des Anciens Combattants, den 18. Oktober um Kongress vun de Volontaires alsaciens et lorrains erklärt, dass elo déi 250 Milliounen D–Mark Entscheidegung fir déi franséisch Enrôlés de Force geschwënn vun der RFA débloquéiert an zu Strossbuerg verdeelt gin.

De Minister huet esouguer précisséiert, dass déi bundesdäitsch Deputéiert d'Indemnitéit vun de franséischen Incorporés de Force nët méi vum Zréckgin vum Bësch vun Mundat géinge koppelen.

Wann also a Frankräich en Léisung perfekt as, dierft se och zu Lëtzebuerg kommen. Well ëmmerhin as et fir Lëtzebuerg en nationale Problem, eng Ugleënheet, déi onse Stat bis elo immens Zomme Geld kascht huet an nach kascht. Et as e Schued, deen duerch Däitschland onsem Land entstanen as, an deen dierf nët aleng vum Lëtzebuerger Steierzueler gedroe gin. Et as nëmme gerecht, moralesch politesch a jhuristesch, dass d'Nofolger vum Nazidäitschland sech mat engem ugemiessenen Deel un dësem guttzemaachende Schued bedelegen.

Fir onst Land as et eng tatkräfteg Hëllef an dëse schwéieren Zäiten, wann e puer Milliarden vun déisäit der Musel onse Staatssäckel géingen opfëllen.





Sonderzweifel wir et e wierklechen Erfolleg vun onser Aussenpolitik!

Ech soen Iech merci.»

**Entwert vum Aussenminister, der Madame Colette Flesch.**

«Nun, Här President, zu der Fro vun den Enrôlés de Force, déi verschidden Hären ugesprach hun, ech mengen notamment den Här Weirich an, ganz kuurz, den Här Gremling.

Wéi den Här Weirich gesot huet, hun ech méng Visite an der DDR d'lescht Woch profitéiert, fir dee Problem och mat den DDR–Gespréichspartner opzewerfen. Ech fäerten, dass ech do awer nët op ganz fruchtbaren Buedem gefall sin. Ech hun direkt d'Potsdamer Accordën entgéint gehalen kritt. Dir wësst, dass doranner e Passus steet, dee virgesäit, dass d'Réparatiounen un Westeuropa géingen vun der BRD gedroen gin an d'Réparatiounen fir Osteuropa géingen vun der DDR gedroen gin. Et as mer bei där Geleënheet gesot gin, dass en plus déi Réparatiounsoperatiounen vun der DDR à l'égard vun Osteuropa definitiv ofgeschloss wären, wat jo och konsakréiert as duurch en Traité, dee mer kennen.

Et as mer weider gesot gin, dass an der DDR déi Distinctioun, déi et an der BRD gët tëschent Réparatiounen an Indemnisatiounen "Wiedergutmachung", vun der DDR nët gemaach gët, wat d'Affär natiirlech méi schwéier mécht a wat si dozou bréngt ze soen: Mat ärem Problem vun den Enrôlés de Force hu mir näischt ze dun, do muss d'Bundesrepublik, a si eleng, domat fäerdeg gin!

Ech hun en drëtt Argument opgeféiert. Dat as dat, dee Protokoll, deen 1973 ofgeschloss gin as, wéi mer mat der DDR diplomatesch Bezéiungen opgeholl hun. Do as e Passus dran, wou gesot gët, déi Problemen vu Persounen, vu Gidder an vun Finanzgidder, déi nach opstinn, géingen zu Négociatiounen kënnen Ulass gin. Da kënnt derbäi, fir Problemen vun den Guthaben an de Finanzgidder insbesondere, géing een sech op d'Situation referéieren, sou wéi se den 8. Mee 1945 bestanen huet. Ech hun drop higewisen, dass, wann hei rieds vu Persounen wär, mir genee an deem Domaine sin, wou mir der Menung sin, dass de Problem vun den Enrôlés de Force mat der DDR nach kann opgeworf gin. Dat Argument as mer och nët ofgeholl gin.

Zesummenfaassend géing ech also soen, dass déi Diskussioun nët ganz erfreelech war a bis elo zu kenge Resultater konnt féieren, dass ech awer gewëllt sin, nodeem mer eng Partie jhuristesch Recherchen och gemaach hun, déi Fro erneit mat der DDR bei enger nächster Geleënheet erëm opzewerfen.

Den Här Weirich as dann iwwergaangen an en huet vun där Situation à l'égard vun der BRD geschwat. Notamment huet en vun deem Déblocage vun där Zomm vun 250 Milliounen DM geschwat, déi an där franséisch–däitscher Konventioun vum 31. Määrz 1981 virgesinn as fir déi franséisch Enrôlés de Force. Dat heescht, si sollen an eng Fondatioun gesat gin. Ech hat bei enger anerer Geleënheet kënnen erklären, wat genee do virgesin as. Ech géing iwwregens drop hinweisen, dass dee Punkt an enger parlamentarescher Fro vum Här Gremling och ugesprach as, eng Fro, déi op déi nächst Sitzung vertagt as, wou ech also en Dënschdeg, den 10. November, d'Geleënheet kréien nach eng Kéier drop anzegoen. Ech muss awer scho soen, dass déi Explikatiounen, déi ech kann a 14 Deg gin, à moins dass eppes Neies géing antrieden, warscheinlech déi selwecht wäerten sin, wéi déi, déi ech haut dem Här Weirich gin.

Engersäits géing ech drop hiweisen, dass et schwireg as Positioun ze bezéien vis-à-vis vun enger Pressemeldung, déi d'Evolutioun vun engem Dossier vun zwee aneren Staten betrëfft. Ech hun, op Grond vun där Pressemeldung, déi ech och gelies hun, nofroe gelooss an nokucke gelooss: Dobäi hu mer kënnen erausfannen, dass den Avant–projet de budget vun 1982 vun der Bundesrepublik Däitschland effektiv ee Punkt virgesäit "Leistungen im Interesse der deutsch–französischen Verständigung", an dass do eng Autorisation d'engagement besteet vu global 250 Milliounen DM, dovunner 50 Milliounen fir den Exercice 1982, 100 Milliounen fir den Exercice 1983 an 100 Milliounen fir den Exercice 1984. Ech ënnersträichen awer, dass déi Môntântën am Projet de budget stin an dass se de Moment nach vum Bundestag approuvéiert gin. Et schéngt mir also prématuréiert vun engem Déblocage hei ze schwätzen, besonnesch well ee weess, dass eng Partie Virbedingungen jo schon erwähnt gi waren, an zwar insbesondere déi vum Mundatwald.

Déi Informatiounen, déi ech zu der präalabler Konditioun konnt fannen, weisen nët dorop hin, dass déi Konditioun zréckgezunn wär. Ech hun genee, wéi den Här Weirich d'Informatioun, déi ech virun 10 Deg ongeféier an der Franséischer Presse gelies hun vun den Déclaratiounen, déi den Här Laurain gemaach huet; mä et wor mer nët méiglech, weder op franséischer Säit, nach op däitscher Säit bis elo irgendeng Konfirmatioun vun där Meldung ze kréien. Ons Ambassadeuren zu Bonn an zu Paräis sin natiirlech beoptragt där Saach nozegoen. Wéi gesot, vläicht kann ech den 10. November der Chamber méi an deem Zesummenhank soen.»

Am selwechte Kontext steet eng Fro un d'Regirung, déi de Komerod Jean Gremling schon den 19. Oktober 1981 beim President vun de

Chamber angereecht hat. Den 10. November gouf dës Fro op de 17. November z'réckgestallt an dann de 17. November nees eemol op de 24. November 1981. Mir ënnerbreeden schon elo eise Lieser dës Fro an hoffen d'Entwert dorob an onsem nächste Bülletin publizéiren ze kënnen.

*Luxembourg, le 19 octobre 1981*

*A Monsieur le Président de*
*la Chambre des Députés*
*19, rue du Marché–aux–Herbes*
*LUXEMBOURG*

*Monsieur le Président,*

*Conformément à l'article 76 du règlement d'ordre intérieur de la Chambre des Députés, je désire poser à Monsieur le Ministre des Affaires Etrangères, la question suivante:*

*D'après des informations de presse, le ministre français des Anciens Combattants vient d'annoncer qu'une indemnisation de 250 millions de DM serait prochainement débloquée par la République Fédérale d'Allemange en faveur des enrôlés de force.*

*Qu'en est-il de la réparation afférente de la République Fédérale d'Allemagne envers le Grand-Duché de Luxembourg?*

*Je vous prie d'agréer, Monsieur le Président, l'expression de mes sentiments très distingués.*

*Jean GREMLING,*
*député.*

---

Déi, di blouwen
hu kapéiert,
well deemols, mir ware nach bal Bouwen,
sin der ganz vill nët schappéiert.

.............
(nët alles am Konditional)

D'Spezialliste soen ...

... si géinige gären,
ir se de Welt–Atomkrich féieren,
e butzege vu fären
hei an Europa ausprobéieren.

... an 't géifen an all Parlament
hei Leit, déi ëmmer faukelen
a fir e gutt Engagement
sou Klengegkeete schaukelen.

... wat hei gescheich, wär en egal,
och wann et d'Liewe kascht,
e waarme Krich hei léiss se kal,
well wär deen do, si sin duerch d'Bascht.

siuda robert

## Entschiedegung vun den elsass-lothrëngeschen "Malgré–Nous".

Géint Enn vum Mount November dëses Joer goufe mer gewuer, datt en décisive Schrëtt gemaach as gin, fir d'elsass–lothrëngesch Zwangsrekrutéiert an d'däitsch Wehrmacht ze entschiedegen.

An de Wee geleet gi war dës Saach vun den Hären Giscard d'Estaing an Helmut Schmidt. Kiirzlech huet den Här Jean Laurain, Minister vun den Anciens Combattants am Frankräich eng Kommissioun presidéiert, där hir Missioun et war, eng Fondatioun anzesetzen mat der Bezeechnung: "Entente franco-allemande." Den Zweck vun dëser Fondatioun as et, d'Fongen entgéint ze huelen an ze verdeelen, déi d'Bundesrepublick Däitschland Frankräich verséiert, esou wéi et am Protokol vum franséisch-däitschen Ofkommes vum Mäerz 1981 enthalen as. Doran as en däitsche Bädrag vun 250 Milliounen DM virgesin.

Dës Zomm soll Frankräish esou bal verséiert gin, wéi d'Krediter vum Bundestag débloкéiert si gin. An dat dierft elo no dem Vote vun dem nächste Budget de Fall sin.

Géint eng Entschiedegung vun eisen elsass-lothrëngesche Komeroden war d'CDU gewiescht, déi gefouert gët vun hirem President Helmut Kohl, dee Mann, deen enger Delegatioun vun eiser Féderatioun héich an hellech versprach hat, hien géing alles drusetzen, fir datt Lëtzebuerg entschiedegt gët wéinst der illegaler Zwangsrekrutéirung vun de Lëtzebuerger a militäresch a paramilitäresch Verbänn vum III. Räich.

Wat fir Lëtzebuerg nach ëmmer nët de Fall as, schéingt elo fir d'Fransousen Wierklechkeet ze gin. Do sot dach denn Här Jean Laurain, vun elo un géif keen Hënnernëss méi bestoen fir d'Regelung vun engem Contenieux, dee méi wéi 30 Joer al as. En huet awer och präziséiert, am franséisch-däitschen Accord wiren aléng déi ugesprach, déi an d'Wehrmacht zwangsrekrutéiert gi waren. Mä, fir eng Entschiedegung kéimen dach awer och a Fro d'Refraktären an déi déporteiert patriotesch Resitenzler.

Am Comité vun der "Entente franco-allemande" sin eng Dosen Perséinlechkeeten aus der Administratioun a vun den Associatiounen vun den "Incorporés de force et évadés" aus deenen dräi Départementer: Moselle, Bas-Rhin an Haut-Rhin. Dem Här Marcel Uttenweiler, dem interdépartementalen Honorar-Direkter vun den Anciens Combattants an de Krichsaffer vun Metz, gouf d'Presidentschaft vun dem Fondatiounscomité iwwerdroen.







## Jahrestreffen unserer Tambower

Am 7. November, einem Samstag, begingen die Tambower ihre längst schon zur Tradition gewordene "Journée commémorative", jeweils gekoppelt mit ihrer ordentlichen Generalversammlung. In diesem Jahr jährte es sich zum 36. Mal, daß unsere übermäßig lange in russischer Gefangenschaft zurückbehaltenen Leidensgefährten der Zwangsrekrutierung in die Heimat zurückkehrten. Gleichzeitig wurde der 25. Jahrestag der Gründung der "Amicale des Anciens de Tambow" begangen.

Wie in all den Vorjahren, begannen die Tambower ihren Erinnerungs- und Gedenktag im "Garer Quartier" in Luxemburg, wo um 10 Uhr 30 ein Gottesdienst in der Herz-Jesu-Kirche abgehalten wurde. Zelebriert wurde er von Professor, Abbé Marcel Ripp, der ebenfalls in Tambow in Kriegsgefangenschaft gewesen war. Während der Messe richtete er an die zahlreiche Teilnehmerschaft (es mögen gut und gern so zwischen 400 bis 500 Anwesende gewesen sein) auf die Gegebenheit zugeschnittene Worte. Einleitend erzählte er die tragische Geschichte eines elsässischen Zwangsrekrutierten, welchem während seiner Inhaftierung wegen Weigerung sich dem RAD-Zwang zu unterwerfen, sein weiteres Schicksal vorausgesagt worden war, und der sich sozusagen blindlings darin ergeben hatte. Anstatt sich dem Vorausgesagten zu widersetzen, habe er fest daran geglaubt und den Tod regelrecht gesucht, der ihn dann auch tatsächlich, wie geweissagt, in der Sylvesternacht 1943 an der Front in Rußland ereilte. Eigentlich sollte niemand an ein blindes Schicksal glauben, so Kam. Abbé Ripp. In jedem Menschen sollte stets ein Hoffnungsschimmer vorhanden sein. Ist man krank geworden oder geht es einem schlecht, dann sollte man sich dagegen wehren, sich der neuen Situation stellen und alles dransetzen wieder gesund zu werden oder aus einer mißlichen Lage wieder herauszukommen. Dabei sollte einer dem andern helfen und auf Gott vertrauen.

Verschönert wurde die religiöse Feier einerseits durch die gesanglichen Leistungen des Chors der Tambower unter der Leitung des Kameraden Christophe Goedert, und zum anderen durch die musikalischen Einlagen des "Quator à cordes" der Militärmusik und die "Sonnerie Nationale", welche während der Wandlung gespielt wurde. Das Lied. welches der Tambower Chor vor der Nationalhymne vortrug, war ergreifend. Es handelt sich um das Lied: "Un eis Jongen 1940-45". Text und Musik sind von René Schmit. Hier die erste Strophe davon:

"Vun doheem hu dir misst goen,
wou dir glécklech wart a frou,
wäit an d'Welt war dir verschloen
an hut fond keng richteg Rou.

Jo, wéi dack hu dir misst denken
un déi kléng léif Hemecht z'réck,
déi iech nët méi Freed konnt schénken
an Zefriddenheet a Gléck.


Refrain:
Léiwer Herrgott, schénk de Jongen
d'éiweg Rou an Himmelsfreed.
Well sie woren all gezwongen,
an enger Zäit vu Kräiz a Leed."

– o –

Von der Herz-Jesu-Kirche, anschließend an den Gottesdienst, ging es im Festzug zum Kanonenhügel. Dort fand vor dem "Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise" eine kurze, aber darum umso erhebendere Gedenkzeremonie statt. Unter den Klängen der "Sonnerie aux Morts" legte Metty Scholer, assistiert von Guy de Muyser, Gaston Junck und Jules Steffen ein prächtiges Blumengebinde nieder. Gleich danach begaben sich alle Teilnehmer an dieser Feier in das Innere des Denkmals, wo sie sich in









das Goldene Buch der "Fédération des victimes du nazisme enrôlées de force" eintrugen.

An der religiösen wie an der Gedenkfeier hatten Delegationen des Föderationsvorstandes, der "Association des Survivants des EdF", der "Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945" und der hauptstädtischen Sektion der EdF teilgenommen. Die Fahnen der beiden letzten Vereinigungen hatten sich zu jener der Tambower gesellt.

– o –

Im großen Saal des "Centre Convict" wurden die Tambower und deren Gäste von den Mitgliedern des Vorstandes der "Amicale des Anciens de Tambow" recht herzlich empfangen und es wurde Champagner als Appéritif angeboten. Das anschließend aufgetragene Menü, sowie die Bedienung machte dem Hause alle Ehre. Aufgefallen ist allerdings, daß, entgegen entsprechenden Äußerungen im vergangenen Jahr, der an und für sich recht hübsche und geräumige Saal noch immer auf seine Fertigstellung wartet. Wie gesagt, lediglich eine Feststellung und keine Kritik.

Noch währenddem der Nachtisch aufgetragen wurde, trat Nationalpräsident Jos. Weirich ans Mikrophon und entschuldigte sich, daß es ihm zeitlich nicht möglich war an der Generalversammlung teilzunehmen, da er anderweitiger Verpflichtungen nachkommen mußte. Eingangs seiner kurzen Ausführungen, begrüßte er alle Anwesenden recht herzlich. Er lobte die gute Organisation der Feiern des Tages. Die Erinnerungs- und Gedenkfeier des Vormittags seien zugleich ergreifend und erhebend gewesen. Nach außenhin würden sie unweigerlich die Präsenz nicht nur der Tambower sondern der EdF im allgemeinen kundtun.

Vieles sei im Laufe des Jahres erreicht worden und das dank der Unterstützung aller EdF. Es würde ihn und ganz sicherlich alle EdF mit Freude und Genugtuung erfüllen, nach so vielen Jahren harten Kampfes endlich am vormals gesteckten Ziel angekommen zu sein. Aber damit sei es nicht getan, sagte Jos. Weirich, denn noch immer gelte und sei es vordringliche Aufgabe eines jeden EdF die Ehre und das Andenken deren zu wahren, die wegen der illegalen Zwangsrekrutierung den Tod fanden oder nach der Rückkehr aus der Hölle des Krieges und der Verbannung frühzeitig an den Folgen des Erlittenen verstorben sind.

Noch vor erst wenigen Jahren sei man im Kreise der EdF bereit gewesen, bis zum Extremsten zu gehen um die während drei Jahrzehnten verschleppten Lösungen der zwei großen Probleme der EdF endgültig und zufriedenstellend gelöst zu bekommen. An viele Kameraden seien in der Vergangenheit außergewöhnlich hohe Anforderungen gestellt worden. Mit dem Einsatz dieser Kameraden und Kameradinnen, die vieles von sich aus opfern mußten, sei es gelungen eine Regelung der großen Fragen der EdF ein für allemal zu erreichen.

Um sich ihnen in etwa erkenntlich zu erweisen, wurden von der "Association des enrôlés de force victimes du nazisme" die Auszeichnungen "Ruban en argent" und "Ruban en or" geschaffen. Es würde ihn und alle Mitglieder des Zentralvorstandes ungemein freuen, einen Freund und Mitstreiter der ersten Stunde bei Gelegenheit der "Journée des Anciens de Tambow" mit dem "Ruban en argent" auszuzeichnen. Der zu ehrende ist Raymond Welter. Und Jos. Weirich stak Freund Raymond den "Ruban en argent" an, wünschte ihm alles Gute und eine recht gute Gesundheit für die Zukunft. Abschließend verabschiedete sich der Nationalpräsident, nicht ohne daß er vorher der Generalversammlung einen guten Erfolg gewünscht hatte.

**Generalversammlung**

Es war Punkt 15 Uhr als der Präsident der "Amicale des Anciens de Tambow" die diesjährige Generalversammlung eröffnete. Nachdem er die Gäste und alle Anwesenden recht herzlich willkommen geheißen und begrüßt hatte, gab er der Versammlung bekannt, daß zwei Personen, welche allen Tambower lieb sind und hochgeschätzt werden, aus gesundheitlichen Gründen nicht anwesend sein konnten, u.z. sind das Herr Paul Simonis und Madame Meyer. Allen beiden wünschte er im Namen aller eine baldige Genesung.

Leider sei auch im vergangenen Jahr, d.h., seit der Generalversammlung von 1980, eine Reihe ehemaliger Schicksalsgefährten gestorben. Es sind das:

| | |
|---|---|
| 1. MORES Joseph, Koetschette | † 31.12.1980 |
| 2. KRIPPLER Nicolas, Differdange | † 01.04.1981 |
| 3. SCHOTT René, Bourglinster | † 18.04.1981 |
| 4. KLEIN René, Dudelange | † 08.07.1981 |
| 5. WAGNER Joseph, Esch/Alzette | † 02.08.1981 |
| 6. ADAMS François, Beggen | † 17.08.1981 |
| 7. HARGARTEN Jean, Esch/Alzette | † 09.09.1981 |

Gestorben ist weiter Madame Majerus, die Gattin des schon früher verstorbenen Paten der Tambower Fahne. Um diesen Verstorbenen zu gedenken, sowie ebenfalls allen anderen Kameraden, ob sie im Krieg, in der Gefangenschaft oder nach ihrer Rückkehr von dort gestorben sind, bat er die Versammelten sich von ihren Plätzen zu erheben und ihnen eine stille Minute der Besinnung zu widmen.

Es ist nun schon 36 Jahre her, daß auf Bahnhof Luxemburg die große Masse derer in die Heimat zurückgekehrt sind, die im Lager Nr. 188 bei Tambow in russischer Gefangenschaft gewesen sind, sagte der Präsident und ging kurz auf die Feiern ein, welche die "Amicale" im vergangenen Jahr organisiert hatte anläßlich des 35. Jahrestages der Rückkehr der Tambower.





Aber auch das Jahr 1981 sei ein Jubiläumsjahr, meinte Metty Scholer, denn es seien nunmehr 25 Jahre her, daß die "Amicale des Anciens de Tambow" offiziell gegründet wurde.

Des Jahres 1981 würden die Zwangsrekrutierten sich noch lange erinnern, sagte der Präsident, denn es ist das Jahr, in welchem ihre großen Probleme endlich eine Lösung fanden. Was jetzt noch so anstehe, damit würden die EdF schon fertig werden.

Alsdann bedankte sich Metty Scholer bei der Presse, die unsere Probleme immer wieder in die breite Öffentlichkeit getragen habe und unsere Landsleute ständig für eine definitive Lösung sensibilisiert habe; bei der Polizei und der Gendarmerie und bei allen Freunden und Bekannten, die sonder Zweifel das Ihrige dazu beitrugen, daß der Tambower Tag allzeit würdig begangen werden konnte und wohl auch in Zukunft begangen werden kann. Kam. Abbé Marcel Ripp habe ihm sein Bedauern ausgedrückt, nicht an der Generalversammlung teilnehmen zu können, sagte der Präsident und entschuldigte ebenfalls den Freund und Historiker Henri Koch-Kent, der wie in all den Vorjahren eingeladen worden war, aber wegen anderweitiger Verpflichtungen der Einladung nicht nachkommen konnte. Einen besonderen Dank richtete er an den früheren Hofmarschall Guy de Muyser, dem in seiner Eigenschaft als neuer luxemburgischer Botschafter in Moskau vielleicht die Möglichkeit gegeben ist, aufschlußreiche Dokumente über die Luxemburger Zwangsrekrutierten ausfindig zu machen. Die Tambower seien zuversichtlich, daß es mit seiner Hilfe gelingen werde, dennoch eine sogenannte Pilgerfahrt zu den Gräbern der beim Lager Nr 188 beigesetzten Kameraden zu organisieren.

Seine Begrüßungsansprache abschließend, sagte der Präsident, die Feiern des Vormittags seien recht gut und würdig verlaufen und nicht zuletzt wegen der zahlenmäßig starken Beteiligung daran. Der Festzug mit den Fahnen der Tambower, der LLMIG und der hauptstädtischen Sektion vorauf, habe recht imposant gewirkt. Schön sei es gewesen, auch wenn keine Musikgesellschaft dem Festzug vorangegangen sei. Die Gedenkzeremonie vor der Ewigen Flamme des "Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise" sei ergreifend gewesen und beim Absingen der Nationalhymne habe es beinah geklungen wie einst im Lager Tambow. Die Tambower würden diesen, ihren Tag, solange wie nur denkbar möglich begehen und auf ihrem alljährlichen nationalen Treffen bestehen. Dem letzten Tambower aber soll die Fahne mit ins Grab gegeben werden.

**Tätigkeitsbericht**

Jules Steffen, der Sekretär der "Amicale", trug den Tätigkeitsbericht des verflossenen Jahres vor. Der Vorstand trat seit der letzten Generalversammlung 11 Mal zusammen. Die Vereinigung war bei vielen patriotischen Veranstaltungen vertreten, meist sogar durch eine hohe Teilnehmerzahl. Im kommenden Jahr würde die "Amicale" eine Broschüre herausgeben mit dem Titel: "Tambow, 35 Joer duerno." Er richtete einen Appell an alle, dem Vorstand etwaige noch vorhandene Dokumente zur Verfügung zu stellen, damit sie eventuell mit in die Broschüre eingebaut werden könnten. Dasselbe gelte für Berichte über einzelne Schicksale solcher Kameraden, die es wert sind, der Nachwelt erhalten zu bleiben. Diese Broschüre sei vorläufig die letzte Publikation der "Amicale". Seine Ausführungen abschließend, gab Jules Steffen bekannt, daß die nächste "Journée des Anciens de Tambow" am 6. November 1982 stattfinden wird.

**Kassenbericht**

vorgetragen von Raymond Welter. Dem Bericht war zu entnehmen, daß die Finanzen der "Amicale" recht zufriedenstellend sind. Im letzten Jahr konnte sogar ein Bonus erwirtschaftet werden. Im Namen derer, welche mit der Kontrolle der Buchführung beauftragt sind, sagte Jos. Pleger, an der Buchhaltung und an der Exakthei der Eintragungen sei nicht das Geringste auszusetzen. Kam. Welter leiste mustergültige Arbeit und die Konten würden bis auf den letzten Franken stimmen. Weswegen er im Namen der Kassenrevisoren die Generalversammlung bitten würde, dem Kassierer Entlastung zu geben. Das geschah alsogleich und unter starkem Applaus.

**Der Vorstand**

Für dieses Jahr waren statutarisch Neuwahlen vorgesehen. Die austretenden Mitglieder des Vorstandes hatten allesamt ihre Kandidatur neu gestellt und weil sich keine weiteren Kandidaten gemeldet hatten, wurden die alten Vorstandsmitglieder einstimmig von der Generalversammlung in ihre Ämter wieder eingesetzt. Der Vorstand setzt sich zusammen wie folgt: Präsident: Mathias Scholer; Vizepräsident: Gast. Junck; Sekretär: Jules Steffen; Kassierer: Raymond Welter; Beisitzende: Jean Friedrich, Raymond Hermann, Antoine Rosseljong, Erny Schauss, Albert Weber, Jos. Schiltz und Jos. Steichen.

**"Et geet äis nët ëm d'Suen!**

Des Präsidenten, Metty Scholer, nachfolgenden Ausführungen bezogen sich auf die beiden Gesetze, welche vor den Parlamentsferien und vor den Kommunalwahlen von der Abgeordneten Kammer verabschiedet worden waren. Endlich sei es so weit, daß die EdF nicht mehr zu streiten bräuchten. Was noch 1978 einfach schier unmöglich zu sein schien, ist nun erreicht. Endlich nach vielen Jahren können die EdF nun erleichtert aufatmen. Was allerdings nicht gleichbedeutend sei mit einem, wie man annehmen könnte, einem Sich-zu-Ruhe-set-

zen. Im Gegenteil! Die Aufgabe der Vorstände der verschiedenen EdF-Organisationen bestünde förderhin darin, darüber zu wachen, daß die Gesetze richtig und korrekt ausgeführt werden und dafür zu sorgen, daß jedem Recht widerfährt.

Es habe viel Mut und des großen Einsatzes aller bedurft um zum Ziel zu gelangen, sagte Metty Scholer. Seit 1959 waren die Tambower immer dabei und meist in der vordersten Reihe, wenn es galt, die Interessen aller Zwangsrekrutierten zu vertreten. Wie erinnerlich, ging es zuweilen recht hart zu. Wegen ihrer ständigen Mithilfe bedankte sich der Präsident bei allen Kameraden und Kameradinnen. Endlich sei nun auch erreicht, daß die Toten aus unseren Jahrgängen in Frieden schlafen können, daß ihre Ehre gerettet sei ebenso wie die der Überlebenden.

Metty Scholer erklärte alsdann die Bestimmungen des Gesetzes vom 12. Juni 1981, gab Erläuterungen dazu und Ratschläge wie der Einzelne sich zu verhalten habe und was zu tun sei. Doch sollte man sich immer vor Augen halten, daß es in allererster Linie darum gegangen sei, eine unerträgliche Diskriminierung zu beseitigen. Das sei so viel wichtiger als die nun fällig gewordene Nachentschädigung, welche sich von gesetzeswegen ergebe. Die Zwangsrekrutierten haben zu allen Zeiten gesagt: "Et geet äis nët ëm d'Suen." Nachträglich muß man mit einiger Verwunderung feststellen, um es gelinde auszudrücken, daß gerade diejenigen "Auch-Enrôlés de Force" als erste ihre Formulare ausfüllten, die niemals organisiert, nie dabei waren. Bei diesen handele es sich um sogenannte Schlauberger, die da sagen: "Regnet es auf des Nachbars Garten, dann auch auf meinen." Eine solche Einstellung zeuge zwar von wenigem oder keinem Kameradschaftsgeist, doch sei das nicht tragisch zu nehmen.

Was die EdF jetzt noch besonders interessiere, das sei wie hoch die Wiedergutmachungssumme ausfallen wird und wann Deutschland den gewaltigen Schaden in etwa ersetzen wird, den es dem Lande Luxemburg und seiner Bevölkerung zufügte während der Besatzungszeit und Knechtung von 1940 bis 1944. Das sei eine Angelegenheit, die eigentlich jeden Luxemburger angehe und es sei Aufgabe des Parlamentes und der Regierung Sorge dafür zu tragen, daß Deutschland den angerichteten Schaden, inbegriffen den, welcher unserem Lande durch die Zwangsrekrutierung entstanden ist, in angemessener Form ersetzt.

M. Scholer erläuterte alsdann ebenfalls das zweite Gesetz, u.z. jenes vom 14. Juli 1981, welches das vom 26. März 1974 umändert und welches Pensionszuschüsse vorsieht, die solchen Personen gewährt werden, die Opfer illegaler Maßnahmen des Okkupanten wurden, frühzeitig Invalide wurden oder frühzeitig gestorben sind. Nachdem er die einzelnen Verhaltensmaßnahmen erklärt und wichtige Anweisungen dazu gegeben hatte, sagte der Präsident, jeder, der in diesem Zusammenhang oder sonstigen Gründen irgendwelche Hilfe benötige, sollte sich an den "Service Social des Enrôlés de Force" auf Nr 9 in der Rue du Fort Elisabeth in Luxemburg wenden, wo an jedem Donnerstag, nachmittags von 14 bis 18 Uhr Kam. Erny Schauss zur Verfügung steht.

Nachdem Präsident Metty Scholer sich nochmals bedankt hatte für die rege Anteilnahme an der diesjährigen "Journée des Anciens de Tambow" und an der Generalversammlung, wünschte er allen eine recht gute Gesundheit und auf Wiedersehen am nächsten 6. November 1982, an dem Tag, wenn die nächste "Journée" stattfinden wird.

s.n.

# Service Social

**Mir deelen iech mat, datt de Service Social vun den Enrôlés de Force, deen um Nr. 9, Rue du Fort Elisabeth, Lëtzeburg-Gare (vis-à-vis vun der Häerz-Jesu-Kiirch) funktionnéiert, vum Komerod Erny Schauss gefouert gëtt. Tel.: 48 32 32.**

**Fir all Renseignementer an Hëllef steet hien all Donneschdegnomëtteg tëschend 14 an 18 Auer alle Leit zur Verfügung, déi direkt oder indirekt mat der Zwangsrekrutéirung vun de Lëtzebuerger Meedercher a Jongen duurch den Okkupant ze dun haten. Dat sin d'Elteren vun onse gefalene Komerodinnen a Komeroden, et sin d'Enrôlés de Force selwer, an dann schliesslech d'Wittfraen resp. d'Wittmänner an d'Kanner vun den Enrôlés de Force, déi fréizäiteg gestuerwe sin.**

**Matgedeelt vum Féderatiounscomité.**







## E Fändel fir d'Amicale vun de Jongen, déi no Rehfelde an den RAD verschleeft gi waren

Viru 7 Joer haten déi virbenannt sech fir d'éischte Kéier als Grupp getraff. Dat war am Préizerdaul gewiescht. Schon deemols waren si sech eens gin, fir sech e Fändel unzeschaafen. Dëse Wonsch gong elo an Erfëllong, an op engem Samschdeg, den 17. Oktober 1981 gouf dee neie Fändel agewihen.

Am Nomëtteg war um 5 Auer do eng Mass fir all Komeroden, déi zënter dem Ufank vun der Verschleefung an den RAD ëmkom oder spéider un de Folgen vum Erliddenen fréizäiteg gestuerwe sin. An der Mass krut de Fändel de kiirleche Segen. Den Här Paschtouer Sauber sot: "Dëse Fändel soll zum Weltfridde bäidroen. Drot en bei all Geleegenheeten en esou dack ewéi méiglech. En as eng Erënnerung un eng grujhlech Zäit a verbënnt iech mat deenen aus äre Reien, déi der nët mat heem bruecht hut."

No der Mass hun 4 Fraen vun de "Jongen vu Rehfelde" de Fändel aus der Kiirch a bis virun de Monument aux Morts gedroen. Do gouf eng schéin Gerbe néiergeleucht, iwwerdeem d'Sonnerie aux Morts gespillt as gin.

Gläich duerno huet den Nationalpresident Jos. Weirich eng kuurz Usprooch gehalen a gesot, deen neie Fändel wir e Symbol fir d'Zesummenhalen a no baussen wir en de Bewäis vun enger Komerodschaft, déi a schwéierer Zäit mat Tréinen a Blutt zesummegeschweesst gouf. Dës Komerodschaft soll geflegt gin an haaptsächlech soll se dora bestoen, datt een deem aneren hëlleft do wou et geet. De Komerod Weirich huet d'Jongen, déi deemols zu Rehfelde am RAD waren opgefuerdert, wéi ee Mann hannert hirem Fändel zu stoen an en an Éiren ze halen.

Dun huet hien de Fändel enthüllt a gouf en un de Willy Mertens vu Platen, deen d'Aweihungsfeier organise'iert hat. De Willy Mertens huet en da weider gereecht un de Porte-drapeau, de Komerod Robert Mergen vu Lamadelaine.

Beim Éirewäin huet de Buergermeeschter Jules Seyler d'Initiativ gelueft fir sech e Fändel unzeschaafen a sot, hie wir frou, datt jhust de Préizerdaul ausgewielt gi wir fir d'Aweihung dervun.



Ervirzehiewe bleiwt, datt all Fraen vun de Männer, déi zu der Amicale gehéieren Giedele vum Fändel si gin, an datt en vun der Madame Rob. Mergen gebutt as gin.




Am Numm vun allen, déi present waren, huet de Komerod Willy Mertens de Geméngenautoritéiten Merci gesot fir den Empfank op der Geméng.

Den Ofschloß vun dëser sympatescher Feier war am Restaurant Gansen zu Bettborn, wou während engem gemittlechen Owend al a rezent Evenementer diskutéiert si gin. R.M.

## Promenade surprise zu Esch/Uelzecht
## Worte des Dankes als Nachtrag

Wie schon so oft stand der Wettergrott uns näher als manche Luxemburger Politiker. Nach vielen Regentagen kam das gute Wetter nebst Sonne wieder zum Vorschein: der Erfolg der diesjährigen Promenade Surprise war also gesichert.

Unsere 211 Teilnehmer plus mehr als 30 Helfer aus dem Escher Komitee nebst Ehefrauen und anderen hatten ihrerseits „Sonne im Herzen mitgebracht", ein weiterer Faktor, der zum Gelingen der Organisation beitragen sollte.











Trotz der schwierigen Quizz-Fragen konnten die meisten Mannschaften eine hohe Punktenzahl für sich verbuchen. Die Gewinne, Belohnungen und Corbeillen liessen alle Teilnehmer, glaube ich, auf ihre Kosten kommen. Auch der «Erinnerungsteller» fand allgemeine Anerkennung.

Unter den 5 Coupen stachen die der Escher Stadtverwaltung und des Escher Syndicat d'Initiative hervor.

Hauptgewinner und somit Organisator der „Promenade" 1982 wurde die Mannschaft der Pinno-Janowitzer Kameraden.

Nochmals herzlichen Dank an alle Teilnehmer, einen besonderen Dank an die hartarbeitenden Ehefrauen und Mitglieder des Escher Komitees. Ein besonderer MERCI an die nachstehend aufgeführten Donateurs, die durch ihre Spenden verschiedenster Art sehr viel zum Gelingen beitrugen.

AU REVOIR im nächsten Jahr. Wo? Das werden wir bald erfahren.

Jean Pierre HAMILIUS
im Namen des Komitees der Escher
„Amicale des Enrôlés de Force".

## Liste des donnateurs

| | |
|---|---|
| Dr Majerus Nic. député | Esch/Alzette |
| Koch Henri député | Esch/Alzette |
| Reding Viviane député | Esch/Alzette |
| Thinnes Philippe Conseiller | Esch/Alzette |
| Klein Raymond Conseiller | Esch/Alzette |
| Hellbach Paul Conseiller | Esch/Alzette |
| Schmit Josy | |
| Grethen Henri | |
| Banque UCL | |
| Banque Internationale | |
| Banque Générale | |
| Caisse d'Épargne | |
| Marbrerie Focamt | |
| Moyse Alimentation en gros | Foetz |
| Ciments S.A. | |
| Brasserie Battin | |
| Brasserie Nationale | Bascharage |
| Brasserie Mousel | Luxembourg |
| Brasserie Henri Funck | Luxembourg |
| Brasserie Simon | Wiltz |
| Fleurs Laureys Berchem | Esch |
| Franck Léon | |
| Union du charbon Mart & Kinsch | |
| Optique Steffen | |
| Tageblatt | |
| Luxemburger Wort | |
| Revue | |
| Imprimerie Herrmann | |
| Maison Rosenstiel | |
| Caves Coop. Wormeldange | |
| Hamilius Jemp | |
| Steil Xavier | |
| Kronshagen Roger | |
| Scala Roger | |
| Maintz Ady | |
| Hoffmann Vic | |
| Madame Steffen | |
| Madame Schmit | |
| Hammer Corneille | |
| Jacoby Théo | |
| Juchem Vic | |
| Adam Bert | |
| Madame Sassenrath | |
| Wagner Camille | |
| Kohnen Eugène | Roodt (Rédange |
| Bernard Josy | Soleuvre |
| Fritsch Roger | |
| Hinna Gustave | |
| Dury René | |
| Bettendroffer Bernard | Beringen |
| Madame Billa | |
| Östreicher Jean | |
| Hansen Marc. | |
| Hastert Mich | |
| Hammer Clemy | |
| Thill Jos | Esch |
| Dichter Metty | |
| Wagner Jos. | |
| Quintus René | Mondercange |
| Muller Paul | |
| Madame Defays | |
| Schroeder Aloyse | |
| Falkero Willy | |
| Hellebrand Emile | |
| Lentz Ferd | Bertrange |
| Breuskin Pierre | Soleuvre |
| Laux Nic. | |
| Quintus Georges | |
| Baddé Charles | Hespérange |
| Ury Willy | Hespérange |
| Electro-Auto | Luxembourg |
| Kremer Léon | Esch/Alzette |

### Eist Titelbild

Déi meescht, dovun si mer iwwerzeegt, hun erkannt, datt et sech ëm de Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten zu Dikrech handelt. En as wonnerschéin. Wien op Dikrech geet, soll nët verpassen, laangscht déi 14 Statiounen ze pilgeren an dobäi un déi sëlleche Meedercher a Jongen vun de Joergäng 1920-27 denken, déi dout sin.





## Affaire H u b s c h

*Pour mettre un terme aux altercations qui s'étaient produites entre le député DP, Monsieur René Hubsch et les Enrôlés de Force, il y a 6 mois environ, nous publions ci-après une lettre adressée récemment par le président de la section des Enrôlés de la capitale au comité de la Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force.*

*Luxembourg, le 26 novembre 1981*

Mon cher président,

Chers camarades,

Comme suite à notre lettre du 18 novembre (et non octobre) dernier dont copie au président, Monsieur le Député René Hubsch vient de m'adresser une réponse qui, une fois de plus, se raccroche aux "affirmations contraires à la vérité" que nous aurions publiées sur sa personne dans notre bulletin 8/9 1981.

Monsieur Hubsch se garde bien de récuser les reproches justifiés que nous lui faisions au sujet de ses articles lancés en mai dernier contre les EdF, notre fédération et notre président national. Mais il a le culot par contre de prétendre que la publication de notre lettre du 29 mai (à laquelle il n'a jamais eu l'intention de répondre comme il le reconnait implicitement) est une "offense publique" faite à sa personne.

Pour notre part, nous n'avons aucune raison de refuser qu'il "lui soit fait justice". Et nous vous prions donc, Ernest Steichen et moi, de nous faire le plaisir de publier la présente lettre dans notre bulletin.

Car nous reconnaissons volontiers que nous étions mal renseignés en ce qui concerne sa pension. Nous nous excusons formellement, une fois encore, d'avoir commis cette erreur, mais bien la seule et qui, à notre humble avis, ne saurait cependant être considérée comme une "offense publique".

Nous nous permettons d'ajouter en simples citoyens que nous sommes — et comme nous le faisions remarquer d'ailleurs dans notre dernière lettre à Monsieur Hubsch — que vouloir chercher dans notre boutade une assertion qui pourrait porter atteinte à sa respectabilité, cela nous semblait du moins exagéré

"Conformément à ce qui est d'usage dans la presse", nous avions demandé à Monsieur Hubsch de publier dans une prochaine édition du Journal un article de sa plume par lequel il redresserait (pour "qu'ainsi la vérité triomphe") les affirmations erronées et les bassesses diffamantes rendues publiques par lui en mai contre la génération sacrifiée, c'est-à-dire à l'époque même des débats parlementaires devant contribuer "à ce que justice soit faite aux EdF".

En plein accord avec Ernest Steichen, je vous présente, cher président, chers camarades, nos salutations les plus cordiales.

A.N. Frisch,
Président Section EdF
Luxembourg-Ville

NB: Les parties entre guillemets ont été empruntées textuellement à la réponse de Monsieur Hubsch du 23 crt.

## Enrôlés de Force, section du Nord

Dimanche, le 4 octobre 1981, notre section, composée des Enrôlés des communes de Clervaux, de Heinerscheid, de Troisvierges et de Weiswampach, a célébrée sa 2ème Journée Commémorative à Heinerscheid, ensemble avec l'Administration communale.

L'assistance, encore plus nombreuse qu'en 1980 à Clervaux, a prouvé au comité qu'il est sur la bonne voie et que la célébration de cette journée doit devenir une tradition sinon une nécessité annuelle.

La journée commençait par une messe, célébrée par le révérend Père Müller de l'Abbaye de Clervaux et chantée magistralement par la Chorale Sainte Cécile de Heinerscheid.

Dans son sermon le révérend Père Müller rappelait la mémoire de tous ceux qui sont morts pour notre patrie et les misères endurées par tous les prisonniers et enrôlés de force.

Après la messe le bourgmestre de Heinerscheid, Monsieur Bernard Linckels, a prononcé un petit discours en posant l'accent surtout sur le fameux référendum du 10 octobre 1941.

Au son de la Sonnerie aux morts, jouée par Monsieur Armand Jacobs, le bourgmestre, Monsieur Linckels et notre président, le camarade Francis Brück déposèrent une gerbe au monument aux morts qui fut béni ensuite par le révérend Père Müller.

A 12,30 heures tous les enrôlés de force avec leurs épouses se réunirent à l'hôtel Wagener où les nouveaux patrons, Monsieur et Madame Erwin Gabriel-Weiles, nous ont servi un menu exquis. Ils assument donc la rénommée de leurs prédécesseurs.

A 15,30 heures le rendez-vous était fixé au Centre Culturel à Heinerscheid pour la distribution de 18 Médailles de la Reconnaissance Na-

tionale à 16 familles belges et à 2 familles luxembourgeoises.

Par arrêté grand-ducal du 23 mai 1980 ces médailles ont été décernées aux personnes ci-après nommées, mais notre section ne les a reçu qu'un an après.

Vu qu'une grande partie de ces personnes étaient décédées entretemps et que beaucoup d'adresses sur les fiches étaient fausses notre président a eu bien du mal pour contacter toutes ces personnes respectivement leurs représentants. Mais sans se laisser décourager par des lettres revenues avec la mention "inconnu à cette adresse" il a continué ses recherches avec acharnement avec le résultat que pour la distribution des médailles, toutes les personnes étaient présentes respectivement représentées.

Dans une petite allocution Monsieur le bourgmestre a souhaité la bienvenue à tous les invités et aux Enrôlés de Force.

Ensuite notre président a salué toutes ces personnes qui par leur dévouement et au risque de leur propre vie ont sauvé la vie de beaucoup de réfractaires luxembourgeois soit en les passant clandestinement par les frontières, soit en leur offrant asile et nourriture pendant des mois et même pendant des années.

A la fin de son discours notre président a promis que les Enrôlés de Force luxembourgeois n'oublieront jamais leurs bienfaiteurs.

Pendant un vin d'honneur offert par la commune de Heinerscheid notre président a fait l'appel de toutes les personnes à décorer respectivement leurs représentants et a prié Monsieur le bourgmestre de remettre les médailles aux personnes suivantes:

1.– Monsieur et Madame René Bissen – Cornet de Trois–Ponts:

2.– Madame Catherine Boever–Lambert de Marloie, décédée, et représentée par son fils Monsieur Jules Boever;

3.– Monsieur Joseph Collignon de Sprimont, décédé et représenté par son fils Monsieur Arsène Collignon;

4.– Monsieur et Madame Cornet de Joubiéval;

5.– Madame Angèle David–Bourggraff d'Ourthe;

6.– Monsieur Ernest Delosch, de Deiffelt fusillé et représenté par son neveu Monsieur Aloyse Delosch;

6.– Monsieur et Madame Jules Guillaume–Bastin, décédés et représentés par leur fils Monsieur José Guillaume!

8.– Famille Louis Jaans – Lecoge de Huy, décédée et représentée par leur fille Madame Renée Gérard–Jaans:

9.– Monsieur Michel Kieffer de Moutfort;

10.– Monsieur Virgil Lefebvre de Wasmes;

11.– Monsieur Albert Lemaire de Sprimont, décédé et représenté par son épouse Madame Eve Lemaire – Bouvir;

12.– Monsieur Henri Lemaire de Rensiment, décédé et représenté par sa filleule Madame Monique Lemaire;

13.– Monsieur Jean Léonard de Gévigné;

14.– Monsieur et Madame Isidore Ligot-Viatour de Natoye;

15.– Famille Jean Pérau de Gouvy, représentée par Mademoiselle Jeanne Pérau;

16.– Madame Marguerite Spoden-Goebel de Moinet;

17.– Monsieur et Madame Albert Vangen-Léonard de Lierneux;

18.– Monsieur Ernest Viatour de Sorée, représenté par son petit-fils le docteur Pierre Viatour.

Par un toast prononcé par Monsieur le bourgmestre à l'amitié belge-luxembourgeoise et un autre prononcé par notre président à la santé des bienfaiteurs et des Enrôlés de Force encore en vie cette petite mais sympatique fête pris fin.

## Bungeref huet elo och säi Monument aux Morts

Am Zentrum vum Duerf, op enger Plaz, déi am viirige Joer vun der Ramerecher Geméngeverwaltung wierklech schéin aménagéiert as gin, do steet tëschend Kiirch a Schoul e neit Monument fir deene Leit vun Bungeref ze gedenken, déi am Zweete Weltkrich hiert Liewe hu misse loossen. Sondesnomëttes, den 26. Abrël gouf et ageweiht.

D'Monument besteet aus engem einfache, mä grousse Schiefersteen, dee gelooss gouf esou wéi en an der Martelénger Grouf fond as gin. A sénger Form huet en Konturen vun onsem Ländchen. Dran agemeesselt as de Wopen vu Bungeref, an op enger bronzener Plack steet: «Gelidden a gesteurwen fir d'Hemicht 1940-1945».

D'Aweihungsfeier war eng wiirklech imposant patriotesch Feier. Trotz denkbar schlechtem Wieder – et war kal, ufanks huet et gereent an herno geschneit, a wéi! – hate vill Leit sech zu Bungeref afond. Mir hun d'Deputéiert Ed. Junkker, J.-P. Dichter, Ch. Goerens, René Hübsch a Jos. Weirich gesin, deen och nach President vun der Fédération VNEF as. Weider waren do







de Scheffen- a Geméngerot vu Ramerech, un der Spëtzt de Buergermeeschter Camille Schrenger, dann Vertrieder vun der Association EFVN, vun de Mütiléierten, den Tambower, der Association des Survivants des EdF, grad ewéi e séllegen Delegatiounen vun den EdF-Sectiounen ruechtet d'Land an eng Reih Vertrieder vun der Resistenz.

Ugefaangen huet d'Aweihungsfeier an der Kiirch mat enger kuerzer Friddemsandacht als Gediechtnesfeier fir déi, déi am Krich ëmkoumen oder duerno un de Folgen vum Erliddenen fréizäiteg gestuerwe sin, mä awer och fir all déi Leit, déi an der batterer Zäit vum Krich Schreckleches erliewt haten.

Duerno huet d'Bungerefer Musék virun dem Monument, ënnert der Leedung vun hirem Dirigent Camille Rodenmacher, «Wohin soll ich mich wenden?», e Choral vum Schubert gespilt. Uschléissend huet de Buergermeeschter C. Schrenger un déi Zäiten erënnert, wéi se während der preisescher Okkupatioun a Lëtzebuerg waren. Deemols war onendlech vill Leed iwwert ons Land eragebrach. A wéi d'Leit geméngt ha-



ten, de grousse Misär wir iwwerstanen, du koum dann nach d'Rundstedtoffensiv. Um Viirowend vun Chrëschtdag 1944 war Bungeref an d'Emgéigend ee grujhlecht Schluechtfeld. Géint der Owend vu Chrëschtdag selwer haten d'Amerikaner réusséiert d'Duerf ze liberéieren. Mä Bungeref war nëmme méi nach e Koup vu Ruinen.

Uerg wir de materielle Schued gewiescht, sot de Buergermeeschter, mä nach vill méi tragesch waren d'Verloschter u Mënscheliewen. Am Alter vun 21 Joer as den zwangsrekrutéierten Jhäng Scheuren den 28. Dezember 1943 a Russland ëm d'Liewe kom. An der Ardenneroffensiv hun véier Bungerefer Leit hirt Liewe gelooss, an zwar: Anna Scholder, 35 Joer, Pitt Reiter, 73 Joer, Néckel Wampach, 72 Joer, a Marie Pesché, 51 Joer al. Weider hun deemols och nach den Dout fond den Néckel Conrardy vu Wolz (50) an den Néckel Urth vu Koetscht (28). An der harder Schluecht ëm an a Bungeref hun och vill jonk Amerikaner hiert Liewe verluer. Wéivill et der waren, as nët bekannt.

All deenen ze gedenken, déi deemols ëmkoumen, déi fir Lëtzebuerg a seng Awunner gestridden a gelidden hun, hei heem an an der Friemt, duerfir as et nie ze spéit, och nët 36 Joer no den Evénementer, sot de Buergermeeschter, an huet dem Jonktem un d'Härz geluegt, d'Vergaangenheet kennenzeléieren, an doraus fir d'Zoukunft ze léieren, wuechsam ze sin, datt sénger Liewen näischt esou méi passéiert, an esou derzou bäizedroen, de Grondsteen fir en dauerhafte Fridden ze setzen.

Assistéiert vum Scheffen Ketter huet de Buergermeeschter d'Monument dun ënthüllt an den Här Paschtouer Henri Jourdain huet et ageseent.

De Nationalpresident Jos. Weirich gong sengersäits, nodeem en de Bungerefer Leit an dem Geméngerot merci gesot hat fir d'Opriichten vum Monument fir d'Naziaffer, op d'Evénementer vum leschte Krich an. D'Zwangsrekrutéirung mat hieren ongeheiere Folgen war eent vun deene schlëmmste Verbriechen, wat d'Preisen zu Lëtzebuerg begaangen hun, sot hien. Vill jonk Lëtzebuerger hun doduerch d'Liewe verluer. No dem Krich hun se gefeelt, konnten nët méi ersat gin. Deemols huet sech awer och gewisen, wat e Vollék leeschte kann. En etlech zegdausend Lëtzebuerger hun, an dat iwwerall am Land, oneegennëtzeg gehollef jonkt Liewen ze erhalen doduerch, datt se zwangsrekrutéiert Meedercher a Jongen verstoppt, versuergt oder an d'Ausland geleet hun, an dat alles mat dem Asaz vun hirem Liewen an deem vun hire Familjememberen. D'Enrôlés de Force sin duerwéint all hirt Liewe laang dëse Leit an der Resistenz dankbar.

Deemols goufen Solidaritéit, Zesummenhalen an en Een-deem-aneren-hëllefen viirdemonstréiert, déi hires Gläiche sichen. Wéi gutt wär et, wa mer et färdeg briechten, datselwecht erëm eng Kéier zuwee ze bréngen, elo wou mer a Krisenzäiten liewen! Wa mer dat färdeg bréngen, da brauch et äis net baang ze sin fir eist Land, fir all déi déi dra wunnen.

Wann dëse Steen, dëst Monument haaptsächlech do sting fir deenen ze gedenken, déi am Krich hirt Liewen hu loosse mussen, da wir et awer och ganz sëcher do fir drun ze erënneren, datt esou e klëngt Vollék, wéi mir, och an der Zukunft nëmme Grousses an echter Solidarirtéit leeschte kann.

Beim Éierewäin, offeréiert vun der Geméng Ramerech am schéinen a gereimege Sal vum Centre culturel huet de Scheffen Ketter jiddérengem merci gesot, deen gehollef huet dat Monument opzeriichten, an deen gehollef huet d'Aweihungsfeier esou schéin ze gestalten. Et wär jo gutt, sot den Här Ketter, datt vun elo un jiddereen un d'Affer vum Krich erënnert ging, deen derlaangscht geet. Et soll een awer och drun denken, datt der haut nach vill liewen, déi deemols derbäi waren, an deenen hir Gesondheet wéint dem Matgemaatenen fleete gong, an déi elo Problemer hun déi an der nationaler Solidaritéit geléist misste gin.

De René Mantz, President vun der LLMIG, deem seng Elteren Bungerefer waren, huet un déi Zäiten erënnert vu viirum Krich, wéi hien an deem verdreemten Ardennerdierfchen seng Vakanzen verbruecht a mat den Duerfkanner schéin a glécklech Stonnen erliewt huet. Hien huet iwwert d'Duerf a seng Leit geschwat, wéi flott et war viirum Krich, wéi schrecklech duerno a wéi schéin sech Bungeref haut deene weist, déi dohinner kommen. Datt Bungeref haut erëm esou schéin do sting, wär unzererkennen, mä grad esou héich, wann nët nach méi héich ze bewärte wir, datt déi Bungerefer Leit och nach 36 Joer no de schreckleche Krichsjoeren un déi aus hirer Mëtt denken, déi démols hirt Liewen verluer hun.

Am Numm vun den Iwwerliewenden vun de Krichsaffer sot d'Madame Bertha Gengler-Reiter merci fir dat schéint Monument.

Als leschte Riedner sot de Jos. Strotz, als Vertrieder vun der Ramerecher EdF-Sectioun, et sollt elo kee kommen a soen (wéi scho geschitt), elo wou dat Monument do steet hu dir Satisfactioun. Dat wir komplett falsch. D'EdF géingen nach ëmmer drop warden, datt hir Problemer définitif geléist géiwe gin, si gingen och drop warden, datt, am Interessi vun alle Lëtzebuerger, d'Preisen hir Schold vis-à-vis vu Lëtzebuerg an d'Rei briechten. D'Monument awer, dat géing do stoen fir all Awunner an fir all Leit, déi op Bungeref kommen, un déi schwéier Zäit an d'Affer vum zweete Weltkrich an duerno ze erënneren och wann et haaptsächlech do sting fir déi Lëtzebuerger, déi irgendwou an der Friemt leien, wou nach nët émol en armséilegt hölzend Kräiz d'Plaz undeit, wou se higetesselt gouwen fir hir lescht Rou.

s.n.